



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8012 vum 22. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vun der honorabeler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.

Ass et virgesinn, datt en neie PET-Scan op Ettelbréck komme soll? Lait eng Demande vun der Ettelbrécker Klinik vir?

Wa jo, fir wéini kéint mat sou engem Apparat zu Ettelbréck gerechent ginn?

Den Équipement PET-CT ass een "Équipement national" no der Annexe 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 8. Mäerz 2018 betreffend d'Spideeler an d'Spidolsplanung déi am Moment virgesäit dass just een esou een Apparat am Land däerf exploitéiert ginn. Deen Apparat ass am Centre national PET (CN PET) installéiert, deen zum Service d'imagerie médicale vum CHL gehéiert. Am Kader vun der Spezialitéit médecine nucléaire ass dës national Aktivitéit zougänglech fir all Dokteren déi vun engem Centre hospitalier als Médecin nucléaire agréiert sinn. D'Exploitatioun vum CN PET gëtt koordinéiert vun engem comité de gestion an d'Aktivitéiten ginn begleet vun engem comité scientifique.

Den Kader vun den Aktivitéiten vum CN PET ass an den leschten Joeren staark gewuess duerch nei medizinesch Indikatiounen an nei nuklear Traceuren déi agesat ginn am Kader vun der Diagnose an och der Therapie vun verschiddene Kriibsarten. D'Prise en charge vun Patienten an d'Preparatioun vun den Traceuren erfuerderen een spezifeschen Laboratoire well d'Wierkungsdauer vun den Molekülen limitéiert ass.

Et ass den Wonsch, souwuel vum comité scientifique, wéi och vum comité de gestion dass d'Kapazitéiten vum CN PET erweidert sollen ginn fir verlängert Waardezäiten ze vermeiden. An dësem Sënn ass et wichteg d'Offer un Plagen duerch een 2. Apparat ze verstärken. Eng zukünfteg Adaptatioun vun der Annexe vum Spidolsgesetz wäert och d'Acquisitioun vun engem zousätzleche PET-CT virgesinn.

Et sief nach ze bemierken, dass keng Demande vum ChdN an dësem Beräich virläit.

Lëtzebuerg, den 27. Juni 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert